N°8078
Entrée le 07.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur Franz Fayot, Ministre de l'Économie, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, et de Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 8078 du 7 juin 2023 des honorables Députés Messieurs Fred Keup et Fernand Kartheiser**

1. **Wéi schätzt d'Regierung déi aktuell politesch Lag am Senegal an? Confirméiert sech an de Ae vun der Regierung d'Kritik vun der senegalesescher politescher Oppositioun, datt de senegalesesche President ëmmer méi autoritär agéiert an Oppositiounspolitiker aschüchtere wëll? Misst d'Regierung sech an deem Fall net vum aktuelle politesche Regimm distanzéieren an och fir finanziell Ënnerstëtzung iwwerdenken?**

D' Lëtzebuerger Regierung bedauert den Doud vun de Victimen no den gewaltsamen Ausschreidungen Ufank Juni a mécht sech Suergen ëm d' Vergréisserung vun de politeschen a soziale Spannungen am Senegal. An dësem Kontext betount d' Regierung d'Wichtegkeet vum néidegen Respekt vun Demokratie, Rechtsstaatlechkeet a Mënscherechter vun allen Akteuren.

D' Regierung huet Vertrauen an d' Stäerkt vun der senegalesescher Demokratie, zemools well si eng laang Traditioun an dësem westafrikaneschen Land huet an et bis elo ëmmer fäerdeg bruecht huet Walen op eng inklusiv a friddlech Manéier virzebereeden. Den aktuellen President Macky Sall huet zudeem den 3. Juli annoncéiert, dass hien net méi bei den Walen 2024 kandidéieren wäert. Selbstverständlech wäert eis Ambassade zu Dakar di weider Entwécklungen sur Place enk suivéieren.

2. **Wéi eng Konsequenzen hunn déi uewe beschriwwen Ëmstänn op déi zukünfteg politesch a wirtschaftlech Zesummenaarbecht tëscht Lëtzebuerg an dem Senegal?**

Zu dësem Zäitpunkt ass d'Zesummenaarbecht mam Senegal zemools op wirtschaftlechem Plang nach éischter onweesentlech. Vu politescher Säit aus ass ze soen, dass d'Regierung mat sengen europäeschen an internationale Partner am Dialog mat de senegaleseschen Autoritéiten weider op den demokrateschen Prozess insistéiere wäert. Dozou gehéieren och d'Reuniounen vun der Commission de Partenariat, déi am Kader vun der Entwécklungszesummenaarbecht mam Senegal stattfannen. Déi nächst Reunioun ass do fir den 19. Juli zu Lëtzebuerg geplangt.

Luxembourg, le 06/07/2023

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot